

## Bit-Airport: 30 Mio. Euro fir de Projet vum F. Lamparski

RTL - 22.12.2011, 16:07 | Fir d'lescht aktualiséiert: 22.12.2011, 16:33 | [21 Commentaire\(n\)](#)

De Lëtzebuerger Frank Lamparski ass sengem Projet vum Bit-Airport e Schrack méi no komm. En asiateschen Investisseur wëll 30 Mio.€ Startkapital ginn.



D'Suen ginn nach dëst Joer iwwerwisen. Dee selwechten Investisseur stellt donieft nach weider 350 Milliounen Euro zur Verfügung. De Bit Airport gëtt op der fréierer US-Base an zwou Etappe vun engem regionale an en internationale Fluchhafen ausgebaut. A 15 Joer sollen hei zwou an eng hallef Millioun Passagéier pro Joer komme, an 2.000 Leit schaffen.

[Tweet \(http://twitter.com](http://twitter.com)

0

[E-Mail schécken](#)

[Printen](#)

### WEIDER ARTIKLEN

**26. Dez 18:15**

[Accident op der A6: Kannervëloen samt Gepäckträger verluer \(/news/national/175675.html\)](#)

**26. Dez 17:50**

[Accident tëscht Garnech an Duelem: 1 schro Blesséierten \(/news/national/175663.html\)](#)

**26. Dez 17:48**

[1 schwéier Blesséierte bei Accident tëscht Esch a Rëmeleng \(/news/national/175661.html\)](#)

**26. Dez 17:53**

[Miersch - Aangelsbiereg: Auto um Daach geland \(/news/national/175665.html\)](#)

**26. Dez 10:17**

[Spiegel: Lëtzebuerger Zentralbank BCL gëtt eng Pann zou \(/news/national/175525.html\)](#)

[Tweet \(http://twitter.com/share\)](http://twitter.com/share)

0

[E-Mail schécken](#)

[Printen](#)

### Äre Commentaire

[E Commentaire ofginn](#)

DeenHeiten (2011-12-25 00:15:45)

@ Toni vum Haff

Daat as Käschtentechesch net meiglech. Well en Fliiger brauch jo een gewessen Deel Kerosen fir ze starten an wann en no 5 minuten rem landen soll muss en den Iwwerschoss an den Himmel bloosen, je nodeem wei schweier en as. An et as mei belleg mat 10 Bussen ze dei Streck ze fueren wei mat engem Fliiger.

An Konkurrenztechnesch as et och net meiglech. Et fiert jo keen Sales-Lentz Bus een bei en Emile Weber Bus fir dann an Vakanz ze fueren....

Toni vum Haff (2011-12-23 18:30:22)

En Direktvol vum Findel op d'Bitburg Airbase wir dach och eng Méijlechkeet; daatselwecht gelt fir vum Findel op Hahn ze FLEIEN an da weider .....

Da brauch een kee Flibco!

Ass daat nach kengem agefall oder ass daat nët méijlech ? Ech kënnen näscht dovun, wëll ech fléien nët.

Mee vläicht kann de Monni mir zur Oofwiesselung mool eng Kéier eng gescheiten Äntwert gin.

DeenHeiten (2011-12-23 18:23:32)

@ Claude Oswald,

Jo dei Östlech Destinatiounen sin ganz Interessant, Eng mei Westlech Destinatioun as och meiglech (Iceland Express Richtung New York). Oder Volen Bitburg Shanghai,....  
Mee bis daat mol richtig opertionell as verginn wuel 2 Joer.  
Dei kommerziell Fliigereen maachen wuel Kameidi...awer wesentlech manner wei een Militärflieger. Et kann een Anflugschneis jo een besschen anpassen.

Aender (2011-12-23 17:52:10)

Ech sinn der Vun iwerzéegt, wann den Herr Lamparsky die niëdeg Ennerstëtzung hei um Findel kritt hätt, an ètt wiëren aaner Airlines zou geloos ginn, wie nëmmen eisen vill ze deier National Carrier, hien och hei bliwwen wär. Aawer daat kënnen mär der Juxair dann nëtt undoohn. Aawer am Prinzip ass ètt dach égal wou d'Arbeschtplaazen geschaaf ginn, die ginn souwiesou och hei zou 90% vun nëtt letzebuenger Anwouhner besaatz.  
A.D.  
Scheffleng.

Claude Oswald (2011-12-23 14:34:09)

Léiwe Pir,

En Direktfluch Frankfurt -Sankt Petersburg ass keen Direktfluch Lëtzebuerg - Sankt Petersburg.  
Wahrscheinlech wollt Dir soen, Dir wiert zu Frankfurt ëmgeklommen.

Ech sinn e puermol iwwer Amsterdam geflunn an hat all Kéier en „Direktfluch“ Lëtzebuerg - Amsterdam an duerno en „Direktfluch“ Amsterdam - Sankt Petersburg.

De Problem war haaptsächlech um Retour, wou ech e puer Stonnen zu Amsterdam verplempert hunn. Ech war dee Moment schonn e bëssche mitt, a subjektiv gesinn ass de Fliger fir op Lëtzebuerg den Allerleschte gewiescht deen no all deenen aner geflunn ass.

Zu Frankfurt war ech bei Gelegenheit, déi eng Kéier mam Fliger, déi aner Kéier mam Auto an der Nuecht ... iergendwéi hunn ech dat och net ganz praktesch fonnt.

Ech muss soen dass mir perséinlech déi méi kleng an iwwersichtlech Flughäfe méi sympathesch sinn, gradesou wéi ech léiwer an engem méi klenge Fliger sëtzen dee méi niddreg flitt, well ech dee Moment d'Landschaft kucken a fotograféiere kann. Zum Beispill hunn ech de Fluch Lëtzebuerg - Amsterdam mueres mam KLM-Fokker 50 an deem Sënn ganz interessant fonnt.

Mam Auto op Bitburg, a vun do op Sankt Petersbuerg schéint mir awer, wann ech wiede kënn, déi prakteschst Léisung ze sinn.

nico (2011-12-23 13:59:37)

Nürburgring laest grüssen !!!

Grunz (2011-12-23 10:58:31)

Wann daat alt net ee Kaartenhaus ass.. Et waren jo schon eng Retsch an der Fligerei.. Mais wann et klappt, dann Respekt.

Pier (2011-12-23 10:52:27)

@Claude Oswald: Et geet awer och méi einfach op Sankt Petersburg. Ech si mat engem Direktfluch vu Frankfurt aus dohinner geflunn an hu net missen stonnelaang iwwert 500km op Tampere fuehren.

Populiste (2011-12-23 10:18:18)

Ech well neet schwartzmolerei machen ech mengen dat gett en ganz grossen concurrent fir de Findel , luxair and co konnen sech ganz warm undohen

Claude Oswald (2011-12-23 09:26:58)

Dem DeenHeiten

D'Air Base Bitburg ass séngerzäit net gebaut ginn, fir e grouse Publikumsverkéier unzezéien. Ech war op der Plaz nodeem d'US-Amerikaner d'Base opginn haten. Do war dee Moment e gewësse

Flair ... dat Ganzt war jo och wéi eng kleng Stad niewent der Stad Bitburg, eng Welt fir sech.

Dir hutt natierlech Recht wann Dir sot, dass zu US-Zäite sëcher vill Kaméidi war. Dat heescht awer net, dass déi kommerziell Flich an Zukunft kee Kaméidi maachen. Et ass ze hoffen, dass si es manner maachen.

Fir sech virzestelle wéi dat spéider leeft, brauch een net vill Imaginatioun. Et brauch een nëmmen op déi Plaze kucken ze goen, wou ewell schonn e Flughafen a Betrib ass.

D'Iddi fir vu Bitburg aus osteuropäesch an asiatesch Destinatiounen ze bedéngen, wann ech de Projet richteg verstan hunn, ass awer net esou schlecht. Ech gesinn do net onbedingt eng Konkurrenz fir d'Luxair an de Findel, ma éischter eng Ergänzung. Ech kënnt mir zum Beispill eng Verbindung Bitburg – Sankt Petersburg virstellen ... respektiv kennen ech e puer Leit déi sech iwwert esou eng Verbindung zu engem akzeptable Präiss freeë géifen.

Haut leeft dat wesentlech méi komplizéiert an zäitopwendeg : D'Leit fuere vu Sankt Petersburg mam Auto oder mat engem Bus stonnelaang bis op Tampere a Finnland, fléie vun do mat der Ryanair op Hahn-im-Hunsrück a komme schlussendlech mam Flibco-Bus op Lëtzebuerg.

De\_Sam (2011-12-23 07:59:53)

Dat ass jo eng flott saach fier jiddereen, Konkurrenz fier Luxair , 2000 Arbeschtsplazen, braich een vlait net mei esou wäit ze fuere. Elo bleift just ze hoffen dat wann se sech 2 Mio Passanten d'Joer erwarden , dei neidech Infrastrukturen an Stroossen/Autobunn ronderem klappen. Dat weärt jo awer en enormen Camionstraffic , Bus an PKW Traffik mat sech brengen...

elbow (2011-12-23 07:31:46)

Intressant.

Hoffendlech hëllt den här Lamparski eise Findel nët als model....

An ëm Gottes wëllen d'Fanger ewechgelos vun deem betrieb dee sech Luxa.rport nennt!!

Luusert (2011-12-22 22:38:08)

WA Bit-airport intensional gett ...muer oder an 10 joer, speitzens dann, muss Luxair matt hieren Praisser erof....

Well, si mir mol eierlech...Luxair ass deier.

De Service vun der Luxair, ass och meeschtens um Top niveau, aaner Gesellschaften awer och. Wiewiel Clienten gi verlouer, well se vum Hahn, oder Charleroy fleien???

django (2011-12-22 22:27:25)

Mir hunn dach en unerkannten Expert fir international / interkontinental Aviatiounsprojeten.

Muss sou em 1999 gewiescht sinn wi en eng Megaoperatioun op Newark / USA gestart hat, deemols hei vum Findel aus.

Da sollen mer dach deen Mann mat an de Projet huelen.

DeenHeiten (2011-12-22 20:20:45)

Ze Bitburg war freier schon een Flughafen wou Fliigere geflunn sin dei mei Kameidi an Gestank gemaach hun der dei, dei elo sollen do landen an starten. Seitdem den Flughafen deemols zougemaach gouf as et mat Bitburg biergoof gaang. An wiesou Schinneninfrastruktur??? Op Hahn fiert och keen Zuch, oder as schon een mam Zuch op den Findel gefuer???? Busnavetten wei dei dei op Hahn fuere gin och duer, et brauch een keen Zuch, an ze Bitburg gett et souwiesou keng Zuchgare....

Strosseninfrastruktur ze Bitburg as dach gudd...deen Wee fir op Hahn as net besser....an een deen vun Wolz op den Findel muss huet och keen besseren Wee. Deen Flughafen ze Bitburg waert dem Findel an Hahn vill Lait wech huelen. Un dem Projet gin schon opmannst 2 Joer gedoktert wei an waat gemaach gett. Nuets waerten jo keng Fliigere fleihen d.h. den Kameidi as daagsiwwer wann een daat Kameidi nennen kann, Düsenjäger an Transportmaschinnen vun der U.S. Air Force hun vill mei Kameidi gemaach. An et gett Zait daat mol rem Liewen an Bitburg kennt. Et sin vuelleicht vill Lait skeptisch iwwert deen Flughafen.....mee iwwert eppes waat een nach net kennt as een emmer skeptesch. Vun deem Flughafen wärten herno och vill Letzebuenger fortfleihen....Loosst ierch iwwerraschen....

Claude Oswald (2011-12-22 19:51:50)

Ech hunn de Frank Lamparski virun 30 Joer kennegeléiert. Duerno hat ech allerdings kee Kontakt méi.

Dass säin Häerz fir d'Fligerei schléit, war mir bis viru kuerzem wéi ech iwwert säi Projet gelies hunn, onbekannt. Dass hien an deem Beräich Iddien huet a Projeten entwéckelt, ass legitim a legal. Ech hunn allerdings den Androck, dass de Frank Lamparski zimmlech diskret ass an net genuch an d'Effentlechkeetsaarbecht investéiert.

Fir de Rescht denken ech, dass et duerchaus legitim ass wann aner Leit sech Froe stellen, wat da rondrëm de Flughafen zu Bitburg geplangt ass, a wéi dëst mat hirer Liewensqualitéit vereinbar ass ? Et schéint mir op den éischte Bléck un der néideger Stroossen- a Schinneninfrastruktur ze feelen, an da fäerten ech dass de Chaos virprogramméiert ass. Et muss ee wëssen, wann de Bit Airport e Succès gëtt, dass dëst Problemer op de Stroosse mat sech bréngt, well de Stroosseverkéier enorm zouhëlt.

Et muss een och domat rechnen, dass déi Leit déi an der Ëmgéigend wunnen, net alleguerte begeeschtert sinn, wa si op eemol mam Kaméidi liewe mussen. D'Argument vun den Aarbechtsplaze schéint mir an deem Kontext e bësschen zweifelhaft ze sinn, wann den Hannergedanken deen ass, fir d'Politiker an hir Wieler ze erpressen.

D'Fligerei ass sech wahrscheinlech bewosst, dass si am Ëmweltberäich mat engem Image-Problem ze kämpfen huet. Vereenzelt liesen ech Artikelen aus deenen ervirgeet, dass d'Fligerei sech Gedanke mécht, wéi si dat verbessere kann.

Fir dass e Projet wéi deen zu Bitburg duerchgezu ka ginn, brauch et ménger Meenung no eng éierlech Oplklärung an eng allgemeng Akzeptanz bei de Leit. Wann d'Leit dogéint den Androck hunn dass do just e Grupp vun Investoren de grouse « Reibach » op Käschte vun der Ëmwelt an op Käschte vun de Leit hirer Liewensqualitéit maache wëllt, dann ass de Konflikt virprogramméiert.

Claude Oswald (2011-12-22 18:20:31)

Dem Karl Marx:

Ech hunn hei just e puer Froe gestallt. Ech hunn näischt zu Fall bruecht, wéi Dir behaupt.

Et dierf ee jo awer sëcher nach Froe stellen dierfen, oder net ?

Ass d'Liewensqualitéit vun deenen engen an deenen anere keng Fro wäert ?

Déi eng verdinge mam Flughafen hiert Geld ... ma dann dierfen déi aner déi haaptsächlech de Kaméidi an d'Ofgase vun de Fligeren awer och vum Verkéier rondrëm de Flughafen an doriwwer eraus a Kaf huele mussen, sëcher nach de Fanger ausstrecken dierfen.

Moni (2011-12-22 18:14:35)

Ween ass den F. Lamparski?????

Komesch Saach.

Karlmarx (2011-12-22 17:30:23)

wéi net aanescht ze erwarden mellen séch schons déi éischt "Wutbürger" a jeitzen iir et wéidét, et gét wéi emmer bei Projeten déi villen och onqualifizéierten an handwierklech forméierten Jonken, notamment Arbechtslosen, kennten eng Plaz verschaaften: do sinn déi gudd Leit an hiiren Aisen gestéiert an bréngen de Projet zu Fall

Jang (2011-12-22 17:23:43)

@ Claude Oswald

Vlaicht kënnst duerch deen Projet endlech e Contournement lanscht lechternach.

Et wärd een jo nach dreemen dierfen.

Naja, et soll een d'Hoffnung net opgin, schliesslech hätt jo och keen geduecht Clierf kréich een an elo ass en geplangt an bekannt wéini e färdeg soll sin.

Claude Oswald (2011-12-22 17:07:52)

Do entsteet also eng Partie Verkéier rondrëm de Flughafen respektiv an der Regioun. Wéi soll dat géréiert ginn ?

Ass d'Bundesstraße 51 Tréier-Bitburg deem Verkéier gewuess ? Oder kréie mer a 15 Joer dausende Camionen déi all Dag duerch lechternach fueren?

Et besteet och keng anstänneg Schinneverbindung ... oder sinn do gréisser Investitiounen an eng nei Streck geplangt ?

Gëtt et e Gesamtkonzept rondrëm de Flughafen, oder gëtt alles dem Zoufall iwwerlooss ?